Eis Aufgaben

D'Éischt Hëllef Team Kolléisch séchert déi 3 éischt Glidder vun der Rettungsketten of, esou laang bis d'Rettungsdéngschter op der Plaz sinn.

Den EHTK suergt fir d'Sécherheet bei schoulinternen an externe Manifestatiounen.

Bei enger eventueller Evakuatioun vum Gebai assistéiert d'Éischt Hëllef Team der Direktioun fir e reiwungslosen Oflaf ze garantéieren.

Stänneg Formatiounen

Eis Secouristen treffen sech all Woch fir theoretesch a praktesch Weiderbildungen. Ënnerstëtzt a begleet gi mir vu ville Partner aus dem Rettungs- a Gesondheetswiesen.

Bei engem Häerzstëllstand

- 112 uruffen
- Thoraxkompressiounen
- Defibrillator notzen



Wien däerf mat maachen ?

All Schüler aus dem Kolléisch, vu Septième bis Première, deen en Éischt Hëllef Diplom huet, däerf an eisem Team matschaffen. Fir aktiv Déngscht ze maachen, bidde mer eng zousätzlech intern Formatioun un.

Am 1. Trimester vun all Schouljoer hunn d'Schüler Méiglechkeet, am Kolléisch un engem Éischt Hëllef Cours deelzehuelen.

Dësen Éischt Hëllef Cours ass op Lëtzebuergesch oder Englesch a gëtt vun Instruktere vun der Croix-Rouge gehalen.

Éischt Hëllef Cours – Diplomiwwereechung 2016

52 Jonker kruten hiren Diplom.

D'Éischt Hëllef Team Kolléisch konnt am Januar 2016 zwielef nei Memberen ophuelen.

Léier och DU Éischt Hëllef

www.112.lu
www.croix-rouge.lu
www.reagis.lu

EHTK

Éischt Hëllef Team Kolléisch
ehtk.lu

zanter 1998

Schüler hëllefe Schüler

vivat crescat floreat Kolléisch

ATHÉNÉE DE LUXEMBOURG
24, bd Pierre Dupong – L-1430 Luxembourg
Tel : 2604 6510 & 2604 6407
Email : ehtk@al.lu
www.ehtk.lu – www.al.lu/ehtk

Den EHTK – Wien ass dat?

D'Éischt Hëllef Team Kolléisch (EHTK) ass eng Grupp vu Schülerinnen a Schüler aus dem Kolléisch, déi an engem Noutfall hire Matschüler Éischt Hëllef leeschten.

Gegrënnt gouf den EHTK am Schouljoer 1998/1999 op Initiativ vum deemolegen Directeur-adjoint, dem Här Paul Schiltz.

Aacht fräiwëlleg Schüler hunn ënnert dem Impuls vum Henri Mousel den EHTK opgebaut. Hien huet d'Team mat iwwer 40 aktive Memberen bis Enn vum Schouljoer 2013/2014 geleet.

D'Team op hirer Chrëschtfeier 2015

Zënter Januar 2016 zielt den EHTK 40 aktiv Memberen, dovun 38 Schüler. D'Team gëtt vum EHTK-Comité, dem Myriam Gessner an dem Jean-Louis Gindt als "chef de groupe" geleet.

Am EHTK ginn déi Jonk an hirer Autonomie, Selbstständegkeet a Philanthropie gestäerkt. Hiren Initiativgeescht gëtt am Sënn vum Benevolat gefërdert a si léieren Entscheedungen huelen a Verantwortung droen.

Bereetschaftsdéngscht

Den EHTK garantéiert während de Schoulzäiten e Bereetschaftsdéngscht vu jee 3 Secouristen. Bei engem Noutfall gi si iwwer e Piipser alarméiert.

Dem EHTK steet eng gutt équipéiert Infirmerie zur Verfügung. All Secourist ass selbstverständlech un d'Schweigeflicht gebonnen.



PRIX DU MERITE JEUNESSE

Am Joer 2015 gouf d'Aarbecht vum EHTK duerch de Prix du Mérite Jeunesse unerkannt fir hire Projet "Schüler hëllefe Schüler - Éischt Hëllef léiere mam Éischt Hëllef Team Kolléisch."

Den EHTK suergt och bei alle schoulinterne Manifestatioune wéi Kolléisch in Concert, Charity Run, Schoulfester asw. fir déi néideg Sécherheet.

Projet MiniAnne

Am Kader vun 10 Joer EHTK gouf de Projet MiniAnne an d'Liewe geruff. Zënter 2009 léieren an trainéieren all Joer eis Schüler vun 6e, 4e an 2e mat dem Übungsmannequin MiniAnne déi liewenswichteg Gester vun der Reanimatioun an d'Benotze vun engem Defibrillator. Iwwer 4500 Schüler a Professeren hu bis elo un dëse Formatiounen deelgeholl.

An Zesummenaarbecht mat ënnerschiddleche Partner bitt den ETHK och regelméisseg MiniAnne-Formatiounen ausserhalb vum Kolléisch an anere Schoulen oder bei besonneschen Evenementer un. Den EHTK schafft dofir enk mat der LRC (Luxembourg Resuscitation Council) zesummen.

AED – Automatiséierten Externen Defibrillator

Zënter Januar 2009 huet de Kolléisch als éischt Schoul am Land en AED, dee fir all Mënsch fräi zougänglech ass.

Den Defibrillator ergänzt d'Reanimatioun an ënnerstëtzt den Éischthëllefer bei dëser liewensnoutwenneger Aufgab am Fall vun engem Häerzstëllstand.

AED